PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 FEV. 2020
1946

Lëtzebuerg, den 27/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Fir hier perséinlech Kompetenzen och no enger éischter Ausbildung während dem Berufsliewen nach auszebauen, entscheeden ëmmer erëm Léit sech fir weiderféierend berufsbegleedend Studiegäng.

Och op der Uni Lëtzebuerg gouf et eng Offer un esou Formatiounen. De Bachelor an de Sozialen-an Erzéiungswëssenschaften, de Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften an de Master an der Gerontologie konnte bspw. op der Uni hei am Land berufsbeleedend gemaach ginn.

Leider ass op der Websäit vun der Universitéit awer ze liesen, dass fir d'Studiejoer 2020/2021 keng nei Studente fir de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial-an Erzéiungswëssenschafte wäerten ugeholl ginn, obwuel eng Umeldefrist vum 1 Abrëll bis den 31 Mai 2020 ugi gëtt, an dass fir de beruffsbegleedende Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften a fir de Master an der Gerontologie d'Umeldunge schonns clôturéiert sinn, obwuel se fir dëst Joer nach net op waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass fir d'Studiejoer 2020/2021 keng Studente fir de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial-an Erzéiungswëssenschafte wäerten ugeholl ginn?

   Kann de Minister bestätegen, dass Studenten sech fir d'Studiejoer 2020/2021 net fir de beruffsbegleedende Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften umelle kennen?

   Kann de Minister bestätegen, dass Studenten sech fir d'Studiejoer 2020/2021 net fir de beruffsbegleedende Master an der Gerontologie umelle kennen?

2. Wéi erkläert de Minister, dass dës Studiegäng net méi ugebuede ginn, obwuel grad am Beräich vum Fleegemanagement, vun der Educatioun a vun der sozialer Aarbecht e grousse Besoin un héichwäerteg qualifizéiertem Personal besteet?

3. Wéi eng aner beruffsbegleedend Studiegäng ginn op der Uni Lëtzebuerg fir d'Studiejoer 2020/2021 ugebueden?

   Wéi eng aner Studiegäng goufen op der Uni Lëtzebuerg am Joer 2019/2020 nach ugebueden a gi fir d'Studiejoer 2020/2021 net méi ugebueden?

4. Ass et méiglech, dass déi Studiegäng, déi fir d'Joer 2020/2021 net méi ugebuede

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

ginn, fir d'Joer 2021/2022 erëm zu der Offer vun der Uni Lëtzebuerg gehéiere wäerten?

5. Wéi bréngt de Minister d'Sträiche vun dëse Studiegäng mat den Ziler aus dem Koalitiounsaccord, d'Ausbildungsofferen an d'Méiglechkeete vum *Life Long Learning* weiderzeentwéckelen, an Aklang?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1946 du 27.02.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Études en parallèle à une activité professionnelle proposées par l'Université du Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés